

Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Ëmweltministesch, Carole Dieschbourg, op d'parlamentaresch Fro n°3666 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Institut National de Formation des Secours"

Säit 2014 ginn et Gespréicher tëscht dem deemolege Propriétaire vum Terrain, enger Lëtzebuerger Baufirma, der RAGTAL a.s.b.l. an der Gemeng Mäertert, fir d'Notzung vum Terrain sou ëmzestalten, datt souwuel d'Pompjeeën hiren Trainingsdépôt normal kënne bedreiwen, wéi och eng artisanal oder industriell Notzung op engem Deel vum Terrain an Zukunft méiglech ass.

D'Gemeng Mäertert ass amgaangen, hire PAG z'änneren, an eng Naturschutzautorisation fir de CGDIS, dee säit 2018 Bedreier vum Terrain ass, befënnt sech an der administrativer Prozedur.

D'Übungsanlag konnt bis haut vun der Ëmweltministesch net offiziell autoriséiert ginn, well et duerch déi industriell Notzung vun den Terrainen zu engem staarken negativen Impakt op d'Natura2000-Schutzgebitt „Wasserbillig – carrière de Dolomie“ komm ass. D'Regierung ass dowéinst vun der EU-Kommissioun ugeschriwwen an opgefuerdert ginn, all weidere Schued um genannte Schutzgebitt ze verhënneren an dofir ze suergen, datt déi geschützten Aarten, déi do virkommen, erëm an e gudden „Etat de conservation“ kommen.

No wëssenschaftleche Studien an op Basis vun engem Managementplang ass de Wee elo gezechent, fir datt de CGDIS de Standuert och an Zukunft wäert kënnen notzen.